Lëtzebuerg, den 28. Januar 2021

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Här President,

Esou eweí den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte weiderzeleeden:

« De Koalitiounsaccord gesäit d'Elaboratioun vun enger « stratégie nationale de stationnement et parking-relais (P&R) » vir.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte folgend Froe stellen :

- *Wéi wäit ass d'Ausschaffe vun dëser Strategie ?*

- *Wéini gëtt dës Strategie virgestallt ?*

- *Kann den Här Minister scho Prezisiounen zu de Kärpunkte vun dëser Strategie ginn ?*

- *Wat d'P&R betrëfft, wéi vill Projete sinn an de leschten zwee Joer ofgeschloss ginn ? Wéi vill nei Parkplaze sinn tëscht 2018 an 2020 geschaaft ginn ?*

- *Bei wéi ville Projete sinn d'Aarbechten aktuell am gaangen ? Wat ass d'Unzuel vun de Parkplazen ? Wäert den initialen Zäitplang fir d'Ofschléisse vun den Aarbechte kënnen agehale ginn oder kënnt et zu Verspéidunge wéinst der Pandemie ?*

- *Wéi eng nei Projeten, mat wéi vill neie Parkplazen, si geplangt fir an den nächste Jore realiséiert ze ginn ?*

- *Ass virgesinn, déi nei P&R sou ze konzipéieren, dass de Chauffeur iwwer eng App (z.B. d'Mobilitéits-App) ka gesinn, wéi vill Parkplazen nach fräi sinn ? »*

Mat déiwem Respekt,

Max HAHN
Deputéierten